N°4614
Entrée le 13.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.08.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 13. August 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„An engem rezente Lieserbréif huet eng Persoun hir Erfarung gedeelt, bei där eng Demande bei der Krankekeess agereecht gouf fir eng Behandlung vun den Zänn. D'Schwieregkeet wier hei, datt den Dossier *en suspens* gesat gi wier, well nach Dokumenter solle gefeelt hunn. Vu datt et awer net méiglech ass de Suivi vun der Demande online ze kréien, konnten déi Betraffe just informéiert ginn, wéi si bis bei der CNS ugeruff an nogefrot hunn.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung follgend Froe stellen:

- Gëtt et bei der CNS ee konkreete Service/Callcenter deen dofir zoustänneg ass den Assuréen e Suivi vun hiren Demanden ze ginn oder geet dat just iwwer déi allgemeng Telefonsnummer?
- Wa jo, wéi vill Uriff koumen an de leschte 6 Méint eran, fir no engem Suivi vun den Demanden ze froen?
- Bestinn Delaien déi beim traitéiere vun Demandë mussen agehale ginn?
- Ass virgesinn d'Prozeduren an der CNS ze digitaliséieren, fir datt den Devis net per Post muss geschéckt ginn?
- Falls jo, gedenkt d'Madamm Minister den Assuréen en Abléck doran ze gi wou hir Demanden den Ament dru sinn a wéi eng weider Dokumenter eventuell mussen nogereecht ginn? Esou wéi dat och um Portail vu MyGuichet de Fall ass, wann ee beispillsweis d'Studiebäihëllef (AideFI) ufreet.

Den Ament ginn um Site vun der CNS eng ganz Rei Updatë gemaach.

- Wäert et no dësen Updatë méi iwwersiichtlech fir d'Assuréë sinn, wéi vill fir hir Behandlunge rembourséiert gëtt?

- Wéi eng weider Ännerunge si fir de Site vun der CNS geplangt oder amgaangen ëmgesat ze ginn?“

Mat déiwem Respekt,

Corinne CAHEN
Deputéiert